Mérite Jeunesse G.-D. de Luxembourg
encourage les jeunes depuis 1993

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

16 Konditioune fir de Volet Expeditioun*

1. All Expeditioun/Exploratioun brauch ee kloert **Ziel**.
2. All Expeditioun muss am Virfeld **am Büro deklaréiert** ginn.
3. All Participant muss déi **néideg Preparatioun** (Atelieren+Training) matgemaach hunn iert hien/hatt op eng Expeditioun/Exploratioun geet.
4. All Participant muss **op all Niveau minimum een Dag Praxis** (Training dobaussen) matgemaach hunn.
5. De Grupp deen op eng Expeditioun/Exploratioun geet (egal wéi eng Zort), soll aus **4-7 Jonker** bestoen.
6. **All Participant** aus der Grupp muss beim **Plangen a** bei der **Preparatioun** souwuel vum Training ewéi och vun der eigentlecher Expeditioun/Exploratioun (Finale) aktiv gewiescht sinn.
7. All Expeditioun/Exploratioun muss **vun engem Erwuessenen** mat der néideger Erfarung **encadréiert** ginn.
8. All Expeditioun/Exploratioun muss um Land oder um Waasser sinn an all Participant soll deem **néidegen Effort fir déi gewielten Zort vun Expeditioun/Exploratioun** gewuess sinn.
9. D'**Iwwernuechtung** muss an engem Zelt oder engem ganz simpelen Ënnerdaach ewéi zum Beispill enger Hütt oder enger Herberg sinn.
10. D'**Ëmgéigend** soll **nei** si fir d'Participanten.
11. D'Distanz déi zréckgeluecht gëtt, hänkt vum Terrain, de Wiederkonditiounen an der Fitness vun all Participant of. De Grupp muss awer ee **Minimum** vu 6 Stonnen (Bronze), 7 Stonnen (Selwer) oder 8 Stonnen (Gold) **pro Dag aktiv sinn**.
12. Bei enger **Exploratioun** soll sech mindestens 2/3 vun der Zäit mam gewielten Thema beschäftegt ginn.
13. Bei enger **Expeditioun** solle mindestens 2/3 vun der Zäit an d' Fortbeweegen investéiert ginn.
14. All Participant muss dat néidegt Equipement an Iessen dobäi hunn fir **eegestänneg** d'Expeditiounsdeeg/Exploratiounsdeeg ze verbréngen.
15. All Dag muss mindestens eng **vollwäerteg Moolzecht** gekacht ginn.
16. No der Expeditioun/Exploratioun muss de Grupp (entweder zesummen oder jiddereen eenzel) dem Responsabele vun der Expeditioun een **Rapport** ofginn.

*dëst betrefft am ganzen Dokument esouwuel Expeditiounen ewéi och Exploratiounen